Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Immigratioun an Asyl & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

A ville Gemenge sinn iwwert déi lescht Joer nei Strukturen opgaange fir Demandeurs a Beneficiaires de protection international (DPI a BPI) en Ënnerdaach ze bidden. Obwuel et all BPI fräisteet sech eng eege Wunneng ze sichen, soubal de Status als unerkannte Flüchtling ausgestallt gouf, musse vill Betraffener an den ëffentleche Strukture bleiwen, well si um lëtzebuergesche Wunnengsmaart kee bezuelbare Logement fannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi vill DPI a wéi vill BPI hunn – opgeschlësselt no Gemeng a Joer – säit 2015 an esou enger Struktur gewunnt? Wéi vill DPI a wéi vill BPI hunn op den 1. Januar 2019 – opgeschlësselt no Gemeng – an esou enger Struktur gewunnt?
- Ween ass – opgeschlësselt no Ariichtung – de Gestionnaire vun de jeeweilege Strukturen?
- No wéi enge Kritäre ginn d'DPI op déi eenzel Strukture verdeelt?
- Wéi vill Loyer muss en BPI am Duerchschnëtt – opgeschlësselt no Ariichtung – fir seng Ënnerbréngung bezuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député